N°1172
Entrée le 07.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°1172 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen**

1) **Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi de Fluchverkéier wärend den nächste Joren an d'Politik vun der Multimodalitéit an dem "nationale Mobilitéitsplang 2035" soll agebonne ginn?**

   De Flughafen als wichteg Destinatioun fir den ëffentlechen Transport ass Deel vum nationale Mobilitéitsplang 2035. Heifir gëtt deementspriechend d'Tramlinn bis op de Findel fir d'Fréijoer 2025 verlängert.

   De Fluchverkéier selwer ass net Deel vum nationale Mobilitéitsplang 2035, mee organiséiert sech privatwirtschaftlech.

2) **Wéi ass déi Decisioun begrënnt fir generell keng Iwwerlandbussen op de Findel fueren ze loossen? Sinn zäitno Ännerunge geplangt?**

   De Findel gëtt nieft dem AVL duerchaus vun Iwwerlandbussen, also dem RGTR, ugefuer. Aktuell sinn dat déi véier follgend Linnen:

   - 223 Junglinster, P&R - PE Bonnevoie
   - 302 Trier (D) - PE Howald
   - 361 Cargo Center - Aéroport - Schrassig
   - 850 Aéroport - Bertrange

3) **Firwat sinn am ëffentlechen Transport aktuell keng Méiglechkeete virgesinn, säi Gepäck ze deposéieren, wann een op de Findel wëll fueren? Ass an Zesummenaarbecht mat der AVL dru geduecht fir d'Rullmaterial deementspriechend unzepassen?**

   D'Busser si generell mat enger Plattform equipéiert déi nieft Rollstill, Poussetten a Vëloen och fir Gepäck genotzt ka ginn.

4) **Ass virgesinn, d'Rullmaterial vum Tram mam Uschloss un de Findel am selwechte Sënn ze moderniséieren?**

   Dat aktuellt Rullmaterial fiert ab dem Fréijoer 2025 bis op de Findel. Och den Tram ass mat Plattformen equipéiert, déi genuch Plaz bidden, fir sech mat Gepäck ze deplacéieren.

5) **Kéint d'Madamm Minister sech virstellen, sou wéi et am Ausland dacks üblech ass, eng oder e puer Buslinnen auszeweisen, déi speziell op d'Verbindung mam Fluchhafen ausgeriicht sinn, wou d'Passagéier da jee no Zil och just do eraus- oder eraklamme kënnen? Falls nee, kéint d'Madamm Minister sech alternativ virstellen esou een Zerwiss privatwirtschaftlech auszeschreiwen?**

Ech verweisen hei op d'Äntwert zu der Fro 2.

Lëtzebuerg, den 7. Oktober 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes